

---

Informationsblad: 2018.01  
Erschengt 4x d'Joer  
[www.cercle.lu/ongd/engbreckmat](http://www.cercle.lu/ongd/engbreckmat)  
[www.facebook.com/EBMLA](https://www.facebook.com/EBMLA)

---



*ONG fir Entwécklungshëllef a Mëttel- a Südamerika*

**BIL: LU08 0021 1213 4270 0000**

**CCPL: LU04 1111 0883 0535 0000**

**BCEE: LU85 0019 3755 3516 0000**



*31 Jar Entwécklungshëllef a Südamerika*

## Klengt Virwuert.

Normalerweis hu mer mat dem éischte Bulletin am Neie Joer hei eis Generalversammlung ugekënnegt. Well mer awer mussen eis Konten vun enger Fiduciaire iwwerpräiwe musse loossen an och vun engem Réviseur kontrolléieren, verleeë mer dat op dat 2. Trimester. Den Accord-cadre verlaangt dat; hee gëtt eis eng Rei Facilitéiten, verlaangt awer och puer méi Kontrollen. De Réviseur gëtt sáin Accord och richt no der Asiicht vun de Rapporten vun 2017. Mir sänn amgaang dës Rapporten ze maachen.

Ech hoffen och dat Jiddereen sei Certificat vu sengen Iwwerweisung vum letzter Joer kritt huet. Mat dem neie Computer Programm, den an der nexter Zéit operationell misst sänn, geet dat och méi einfach a méi schétzeg. Mir wäerten och deene Leit, déi méi oft am Joer eng Iwwerweisung maachen just nach e Certificat fir dat ganz Joer schécken.

Nach eng Kéier all eisen **treien Donateurs e Grousse Merci!**

An dësem Bulletin fänke mer dann och eng nei Serie un an deeër eis jonk Collaborateuren a Südamerika eis hir Gedanken iwwert d'Arbecht an de Projeten erzielen. Och do ënnen sänn eis Partner amgaang sech ze verjéngeren; d' Memberen vun den ONGen mat deene mer zënter méi wéi 30 Joer schaffen fänken och un al ze ginn.

Momentan sinn zwee Volontären am Numm vun der "Bréck" a Projeten, déi vun eis ënnerstëtzt ginn.

Säit Mëtt Februar 2018 ass d'Noelle Gerin fir sechs Méint zu Medellín a Kolumbien fir am Projet « Create » matzeschaffen.

Den Tom Dall' Armellina ass säit Ufank Mäerz 2018 fir sechs Méint zu Cusco am Peru fir do am Projet « Marenas » vun der ONG APU matzeschaffen.

Ier si fortgoungen, hunn si ee klenge Steckbréif vu sech erstallt, fir sech kuerz virzestellen. Am nächste Bulletin duerfe mir op Noriichten a Berichter vun hinne gespaant sänn.

Jacques Dahm  
President

*D'Bild op der 1. Seit weist engt Heisgen, wat e Bewunner vu Cusipata, den um Tourismusprojet matmëcht, an d'Rei gesat huet fir kënnen d'Touristen ze logéieren.*

## Une expérience de Travail dans l'ONG IIDAA

Un bonjour et merci pour l'opportunité qu'on me donne de pouvoir écrire quelques lignes en expliquant les expériences que j'ai eues durant ces 4 années que je travaille dans l'ONG IIDAA «Institut Andin Amazonien de Recherche et de Développement», comme assistante de terrain. Je suis ingénieur chimiste de profession et je suis très reconnaissante de pouvoir travailler dans cette ONG qui existe depuis plus de 25 ans et qui est dirigée par mon père Sergio Mora Quintanilla ingénieur agronome.



C'est un professionnel avec beaucoup d'expérience et une grande sensibilité sociale pour les gens campagnards des zones andines; les magnifiques résultats obtenus durant cette période pour l'ONG IIDAA ont été réalisés avec les projets de systèmes d'arrosage par aspersion dans différentes communautés campagnardes; c'est le résultat du professionnalisme, d'expérience et de passion pour faire un bon travail comme service à la population campagnarde au sud de Cusco qui a été oubliée à maintes reprises par les institutions gouvernementales de notre Pérou. J'ai une immense satisfaction et une grande quand je vois que ces projets sont durables dans le temps et ont changé la vie de beaucoup de paysans et spécialement des femmes campagnardes qui souffraient beaucoup sous la forme d'arrosage traditionnel, qui consistait à tirer des sillons et demandait beaucoup d'effort physique et de temps; maintenant



ces femmes campagnardes sont heureuses parce qu'elles ne doivent plus se lever de bonne heure pour pouvoir irriguer leurs terrains et ne plus se quereller avec leurs voisins pour l'eau. Maintenant elles ont des systèmes d'arrosage sur leurs propres terrains et n'ont qu'à ouvrir une valve pour que l'eau sorte comme de la pluie qui tombe du ciel, pour que ses cultures puissent croître et donner de la nourriture à leurs familles. Les excédents de la récolte peuvent être vendus aux marchés



proches et ainsi améliorer l'économie familiale. Elles sont très heureuses parce que maintenant leurs époux ne doivent plus sortir de leur communauté à la recherche d'un travail comme ouvriers dans la Ville pour gagner de quoi pour soutenir la famille, en s'éloignant de l'épouse et des enfants sans la possibilité de voir croître leurs enfants et d'aider à les élever. Avec les projets d'IIDAA les familles campagnardes SONT UNIES parce que tous les membres de la famille travaillent ensemble grâce à l'arrosage et ils n'ont plus rien qui puisse les séparer. Mais tout cela ne serait pas possible sans la collaboration précieuse de l'ONG « Eng Bréck mat Lateinamerika » dirigée par la famille



DAHM qui avec beaucoup d'effort réussit à recueillir des fonds du gouvernement au Luxembourg, pour pouvoir aider les pays du tiers monde, comme c'est le cas du Projet d'Arrosage par Asper-sion dans les Communautés Campagnardes de la Région de Cusco au Pérou. Le projet a changé beaucoup dans la vie des habitants de l'altiplano péruvien grâce à son appui économique. Parce que sans cet appui on n'aurait pas réussi à aider tant de gens et changer leurs vies et celles de leurs enfants, et obtenir qu'ils soient de bons citoyens qui contribuent au développement de notre Pérou aimé ! Je vous remercie de tout cœur de me permettre de faire part de ces projets qui aident à tant de femmes et enfants campagnards ; étant femme et mère je m'identifie beaucoup avec eux; ma satisfaction de pouvoir apporter avec mon travail, avec mon père Ing. Sergio Mora Quintanilla, la possibilité à nos frères campagnards d'atteindre le Bonheur pour eux et leurs familles.

Merci beaucoup estimés amis du Luxembourg.

Bien à vous.

*Yesenia Mora Gómez*





## Eis 2 Volontären vum Ufank 2018

**Numm:** Gerin

**Virnumm:** Noelle

**Alter:** 27 Joer

### ***Hobbien an Intressen:***

Meng Fräizäit verbrenge ech am léiwsten mat Danzen, Ballet, Jazz an zäitgenössegen Danz, sou wei och mat menger Famill an Frënn.

Ech interesséieren mech fir allméiglech Literatur, mengem Hobby weegen fir Musik, mee och fir alternativ Medezin, Naturheilkunde an Psychologie.



### ***Studien:***

No mengem Master am Droit zu Bréissel, an engem zousätzlechen Joer vir d' « Cours complémentaires en droit luxembourgeois » ofzeschléissen, hunn ech decidéiert mech nach emol an eng Aventure ze geheien virum Alldaach als jonken Affekot.

### ***Motivatioun fir fortzefueren an sëch op sou ee Volontariat anze-loossen:***

Dës Aventure fënnt zu Medellin a Kolumbien statt, bei der « Corporacion Proyectarte ». Dës Organisatioun huet sech als Zil gesaat, iwwee d'Konscht Liewen ze verwandlen, mei prezis d'Liewen vu Kanner a Jugendlechen aus deenen mei aarmen Véirelen vun der Staat.

Als laangjäähreg an passionéiert Dänzerin duecht ech mir ech kéint do villeicht en interessanten Bäitraach leeschten an en flotten Austausch erliewen.

Aus menger Siicht geet et haaptsächlech em d'Méiglechkeet sech auszetauschen, sief et mat den Kanner a Jugendlechen, den Aarbechtskolleegen oder Léit déi een wärend där Zäit kennenléiert.

Aner Gewunnechten, eng aaner Kultur, eng aaner Sprooch, eng aaner Natur, eng aaner Energie...

## ***Wat sinn deng Erwaardungen?***

Waat meng Erwaardungen betrëfft kann ech eigentlech net vill soen: ech probéieren mir u sech näicht Spezielles ze erwaarden an alles op mech duerkommen ze loossen wéi et kennt...op « Guddes » oder « Schlechtes », daat gehéiert alles zu der Erfahrung dozou.

Ech freeë mech a si gespaant!

***Numm:*** Dall' Armellina

***Virnumm:*** Tom

***Alter:*** 23 Joer

### ***Hobbien an Intressen:***

bouldern (kloteren),  
reesen, kachen, Zäit mat  
Kolleege verbréngen

### ***Studien:***

Ech hunn meng Première D am Lycee Robert Schuman gemaach, a sinn lo grad färdeg ginn mat mengem Bachelor a "Waldwirtschaft und Umwelt", deen ech zu Freiburg an Däitschland gemaach hunn.



### ***Motivatioun fir forzefueren an s'ech op sou ee Volontariat anze-loossen:***

Meng Motivatioun fir e Volontariat ze machen ass virun allem fir eng nei Kultur kennen ze léieren, an zwar andeems ech do schaffen a liewen, an net nëmmen als Tourist. Natierlech well ech och gärën

eppes Sënnvolles machen, an ee Volontariat bitt sech do gutt un. Vu dat ech bei enger ONG schaffe wäert, dei am Beräich vu mengem Studium schafft, kann ech och wichtig Erfarunge maachen fir meng beruflech Zukunft, an och dei eng oder aner Sach aus mengem Studium bei menger Aarbescht zu Cusco mat abrénge.

### ***Wat sinn deng Erwaardungen?***

Ech erwaarden mir, vill nei Leit kennen ze léieren an och vill interessant Erfarungen ze maachen. Ech freeë mech schon op dat peruanescht Essen, op hier Traditionen an och op d'Natur an den Anden. Natierlech freeën ech mech och, fir dohannen ze schaffen an endlech mol rëm vill Zait dobaussen ze verbrenge, wuzou een als Student jo net ëmmer d'Gelegenheet huet.



*Mat desem QR-Code kënn Der mat Digicash Aeren Don un "Eng Bréck mat Lateinamerika maachen" Dir kënn awer och op e vun de Konten op der 1. Seit iwerweisen.  
Merci*



***Diekirch  
Port payé  
P/S.246***

***Eng Bréck mat Lateinamerika  
19,rue Jean l'Aveugle  
L-9208 Diekirch***